PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
11 DEC. 2018
85

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2018

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Mobilitéit weiderzeleeden.

Ech hu festgestallt, dass a vereenzelte Gemengen ee neien Typ Parkaueren installéiert gi sinn, bei deem de Besëtzer vun engem Gefier seng Plackennummer muss uginn. Zu Déifferdeng ass d'Aféierung vu solche Parkaueren an der Gemengerotssëtzung vum 25. Abrëll 2018 decidéiert ginn. Besuergt ëm den Dateschutz geméiss der EU Veruerdnung 2016/679 an der Transpositioun vun dëser Veruerdnung am Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d'Organisatioun vun der «Loi Commission nationale pour la protection des données et du régime général sur la protection des données » stellen ech den Häre Ministere folgend Froen:

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Kënnen déi Häre Ministeren mer confirméieren, dass déi Donnéeën, déi de Benotzer vu esou enger Parkauer agëtt, gespäichert ginn?
- Am Fall wou déi Donnéeën gespäichert ginn, kënnen déi Häre Ministeren mer explizéieren wou d'Späicherplaz vun dësen Donnéeën läit a fir wéi laang eng Späicherung vun dësen Donnéeën virgesinn ass?
- Wéi gëtt garantéiert, dass d'Fonctionnement vun de Parkaueren der EU Veruerdnung 2016/679 entsprécht, speziell hinsichtlech dem Artikel 5 Punkt (1) b) an d) an dem Artikel 6 Punkt (1) Absatz a) an e)?
- Ginn Donnéeën no der Erhiewung benotzt fir aner Zwecker ausser vum Parkmanagement? Kéinten d'Donnéeën an d'Zukunft no der Erhiewung genotzt ginn fir aner Zwecker déi net am Parkmanagement abegraff sinn?

Ech verbléiwen an déiwem Respekt,

Marc GEORGEN
Députéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 11 décembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 85 du 11.12.2018 de Monsieur le Député Marc Goergen - Nouveau type de parcomètres

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés